



DE LOUSCHLËSSEL

| NUMMER 25 | MEE 2023 |

Gemeng Feelen



25.

LOUSCHLËSSEL

| INHALTSVERZEECHNIS |

2. Editorial

EIS GEMENG NOTRE COMMUNE

4. Personafeier 2022
5. Personafeier 2021
6. Hochäiten, Gebuerten a Stierffäll 2022
Mariages, naissances et décès 2022
8. Unser Land ist in guter Verfassung!

EIS KANNER A JONK LEIT NOS ENFANTS ET JEUNES

10. De Kleeschen
Saint Nicolas
12. Chrëschtmaart zu Feelen am *Kuebebongert*
Marché de Noël à Niederfeulen au *Kuebebongert*
15. Wiel vun den neien Elterevertrieder
Élection des nouveaux représentants des parents d'élèves
16. Liichtmëssdag 2023 zu Uewerfeelen
18. Op Entdeckungsrees an der Gemeng Feelen!
Partons à la découverte de notre commune !
19. An d'Entdeckungsrees geet weider ...
Et le voyage aux découvertes continue ...

EIS VERÄINER NOS ASSOCIATIONS

20. Generalversammlung vun *Déi Jonk vu gëschter Feelen*
21. De *Club Senior Nordstad*
22. D'*Entente Feelen-Gréiwels-Heischent* stellt sech vir
L'entente Feulen-Grevels-Heiderscheid se présente
24. Galaiessen vum Fussballclub *US Feelen* am *Hennesbau*
25. Éierung fir e jonken an talentéierte Musikant
26. D'Aktivitéité vun der Feelener Musek
tëschent Dezember 2022 a Mäerz 2023
28. *Feelener Fëscherkollegen 92:*
Réckbléck op d'Saison 2022
30. Ganz vill Aarbecht fir de *Kolping Feelen*
33. Schecküberreichung an die *Amicale Pompjeeën Ettelbruck*
34. Mir stellen eis vir: D'*Feelener Sekuristen & Wanderfrënn asbl*
35. Dammekeeleclub Feelen beim
„Télévie“ *Helperknapp* aktiv

FESTER AN EVENEMENTER ÉVÉNEMENTS ET MANIFESTATIONS

36. Buergbrennen
Buergbrennen, la fête des brandons
38. Grouss Gebuertsdagsfeier am *Hennesbau*: Kaddoen
an Orchideeën op der „Journée du Grand Âge“

DËST AN DAT DE CI ET DE ÇA

39. „*Relais pour la vie*“ 2023 - Feulen war dabei !
40. Grouss Botz, Editioune 2023
41. D'Joergäng vun 1940 bis 1958 hu sech erëmgesinn
42. Wespenberater-Netzwerk
44. En Dag an der Natur
45. Impressum

EDITORIAL

Merci, Merci an nach eng Kéier Merci!

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Mir sinn houfreg, fir lech déi 25. Editiouun vum *Louschlëssel* presentéieren ze können.

Si ass déi lescht Ausgab vun der Redaktiounskommissioun an dëser Zesummesetzung. Wéi Dir wësst, sinn den 11. Juni Gemengewalen. Déi besteeënd Kommissiounen, an domat och d'Redaktiounskommissioun, wäerten opgelést an no de Walen nei besat ginn. Fir datt et och no de Walen nach e *Louschlëssel* gëtt, ass et wichteg, fir engagéiert Bierger a Biergerinnen ze hunn, déi bereet sinn, sech z'engageieren, matzeschaffen an domat en Deel vun der Ekipp vum *Louschlëssel* ze ginn. Dir hutt Loscht, fir kuerz Artikelen zu énnerschiddleche Sujeten ze schreiwen? Op Lëtzebuergesch oder Franséisch? Dir hutt Spaass drun, fir flott Plazen an der Gemeng ze fotograféieren? Dir schafft gären an enger Ekipp? Da sidd Dir hei op där richteger Platz: D'Aarbecht ass intressant an ofwiesslungsräich, d'Zesummenaarbecht ass flott an d'Atmosphär ass gutt. Mir soen lech elo scho Merci fir Ären Engagement, well ouni Leit, déi aktiv matschaffen, géif et kee *Louschlëssel* ginn.

Mir wëllen op dëser Platz awer och Merci soe fir all déi Bäitrag, déi mir vun de Veräiner an de leschte Jore kritt hunn. Si weisen, wéi lieweg d'Veräinsliewen zu Feelen ass. Vläicht maache si och deem een oder anere vun lech Loscht, fir sech op gesellschaftlechem, kulturellem, sportlechem oder musikalem Plang z'engageieren a mat aneren zesumme flott a gesellegrum Momenter z'erliewen?

E grousse Merci geet awer och un déi Biergerinnen a Bierger, déi eis hiert privat Fotosmaterial, wéi beispillsweis Hochzäitsfotoen, zur Verfügung gestallt hunn. Wat wier de *Louschlëssel* ouni dës Fotoen?

E grousse Merci geet un de Schäfferot an un d'Gemengepersonal, déi eis émmer énnerstëtzzt hunn an en oppent Ouer fir eis söllege Froen an Doleancen haten. An e leschten, awer net manner grousse Merci geet un de Pol Koetz, d'Christianne Mergen an d'Nadine Schreiner-Bachstein, déi mat vill Engagement fir d'Redaktiounskommissioun geschafft hunn an déi dës aus perséinleche Grënn verlooss hunn. Si sinn duerch d'Flore Schank, d'Tessy Kohn an de Pascal Huberty ersat ginn.

Mir wënschen lech vill Spaass beim Bliederen, Liesen a Kucke vun der 25. Editiouun vum *Louschlëssel*. Mir hoffen, datt no de Gemengewalen eng Rëtsch vun lech bei der Aventure „*Louschlëssel*“ wëllen dobäi sinn.

D'Redaktiounskommissioun vum *Louschlëssel*



D'Ekipp vum *Louschlëssel* (vu lénks no riets):

Fernand Mergen, Flore Schank, Tanja Bindels-Braun, Tessy Kohn
Op der Foto feelen d'Aurélie Paracchini an de Pascal Huberty



L'équipe du *Louschlëssel* (de gauche à droite) :

Fernand Mergen, Flore Schank, Tanja Bindels-Braun, Tessy Kohn
Aurélie Paracchini et Pascal Huberty sont absents sur la photo

Merci, merci et encore une fois merci !

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Nous sommes fiers de pouvoir vous présenter la 25^e édition du *Louschlëssel*, le dernier numéro édité par la commission de rédaction dans sa composition actuelle.

Comme vous le savez, des élections communales auront lieu le 11 juin. Les commissions existantes et, par conséquent, la commission de rédaction du *Louschlëssel* seront dissoutes et renouvelées après l'entrée en fonction du nouveau conseil communal. Pour que le *Louschlëssel* continue d'exister, il est important que des citoyens engagés soient prêts à s'investir et à intégrer l'équipe du *Louschlëssel*. Avez-vous envie d'écrire des articles courts sur des sujets diversifiés ? En langue luxembourgeoise et française ? Aimez-vous prendre en photo les beaux endroits de la commune ? Alors n'hésitez pas à tenter l'aventure : le travail en équipe est intéressant et varié, la collaboration est excellente et l'ambiance est bonne. Nous vous remercions d'ores et déjà de votre engagement. Sans votre investissement, le *Louschlëssel* cesserait d'exister.

Nous profitons de cette occasion pour remercier les associations locales pour les contributions que nous avons reçues ces dernières années. Celles-ci montrent à quel point la vie associative dans notre commune est animée. Peut-être vous incitent-elles à vous impliquer davantage sur les plans social, culturel, sportif et musical et à partager des moments de convivialité avec d'autres ?

Nous remercions également les citoyens et citoyennes qui nous ont fourni du matériel photographique privé, comme par exemple, leurs photos de mariage. Que serait le *Louschlëssel* sans ces photos ? Dans ce même ordre d'idées, nous aimerais adresser un grand merci au collège des bourgmestre et échevins et au personnel communal qui nous ont toujours soutenus et ont été à l'écoute de nos questions et doléances.

Enfin, un dernier grand merci va à l'adresse de Pol Koetz, Christianne Mergen et Nadine Schreiner-Bachstein, qui ont été des collaborateurs et collaboratrices engagés et qui ont quitté la commission de rédaction du *Louschlëssel* pour des raisons personnelles. Ils ont été remplacés par Flore Schank, Tessy Kohn et Pascal Huberty.

Nous vous souhaitons beaucoup de plaisir à feuilleter, à lire et à regarder la 25^e édition du *Louschlëssel* et nous espérons qu'après les élections municipales, certains d'entre vous feront dorénavant partie de l'aventure *Louschlëssel*.

La commission de rédaction du *Louschlëssel*

PERSONALFEIER 2022

| 20.01.2023 |

Och dëst Joer huet d'Feelener Gemeng hir verdéngschvoll Mataarbechter geéiert. No der Begréissung vun de Gäscht ass de Buergermeeschter Fernand Mergen a senger Usprooch op de Krich an der Ukraine, d'Präisdeierecht, d'steigend Zénsen an de Klimawandel agaangen. Des Weideren huet hien ervirgehuewen, datt net némmen 2023 e Superwaljoer ass, mee dat et zu Feelen schonn am Joer 2022 Komplementarwale gouf. De Charel Wagner an d'Flore Schank konnten dofir als nei Membere vum Gemengerot begréisst ginn.

D'Population ass op 2344 Awunner geklomm, wat e Plus vu 54 Awunner géintiwwer 2022 ass. Dës Zuelen deelee sech folgendermoossen op: 1655 Awunner wunnen a 579 Stéit zu Nidderfeelen. An 241 Stéit zu Uewerfeelen liewe 689 Awunner. Am Kuebebongert sinn de Moment 269 Kanner ageschriwwen, déi vun 32 Enseignanten énnerrüücht ginn. An der Maison relais sinn 181 Kanner ugemellt an d'Crèche gëtt vu 56 Kanner besicht. Am Ganze sinn aktuell 70 Persounen am Kuebebongert beschäftegt.

2022 goufe 66 Baugeneemegungen ausgestallt; dovou waren der 8 fir nei Wunnengen.

Och d'Gemeng selwer huet eng Rëtsch Projeten, déi entweeder am Plange sinn oder geschwé wäerte färdeg ginn: Déi nei Gemeng, déi interkommunal Kläranlag, den Ëmbau vun där aler Schoul zu Uewerfeelen, d'Trottoiren an d'Bréck an der Rue de la Fail, d'Zone 30 an der Rue Eugène Reiser, de Chantier an der Route de Bastogne, den Ëmbau vum Haff Hess an d'Erneierung vun der Bréck zu Uewerfeelen beim Haff André.

No der Usprooch ass d'Madamm Malou Schmartz geéiert ginn. Si ass sät 1983 Enseignante zu Feelen gewiescht an huet 2014 d'Presidence vum Schoukkomitee iwwerholl. Dëse Posten huet si mat vill Engagement 9 Joer laang gemeeschtert. D'Madamm Schmartz krut eng schéi Pensioun gewünscht an e wuel-verdénge Kaddo iwwerreecht.



PERSONALFEIER 2021

| 13.05.2022 |



Op dëser Platz sollten nodréiglech déi Persounen ernimmt ginn, déi am Joer 2022 op der Personalfeier geéiert goufen. Fir hire speziellen Asaz am Déngscht vun de Matbierger a Matbiergerinnen während der Pandemie kruten d'Jill Schmitz, d'Romy Werner, d'Cindy Zimmer esou wéi de Jeff Jungels e Kaddo iwwerreecht. De Pol Koetz ass fir sái jorelaangt Matschaffen an der Kultur- a Redaktionskommissioun geéiert ginn. D'Miriam Correia, esou wéi och d'Christianne Mergen, kruten e Kaddo fir hiert Gemengemandat, dat si alle béid hu missen am Joer 2022

aus perséinleche Grënn néierleeën. De Serge Schank an d'Madamm Rosella Fontanive goufe fir 25 Joer am Déngscht vun der Gemeng geéiert. Weider Kaddoe fir d'wuelverdénge Pensioun goufen un d'Madamm Françoise Strotz, Receveuse op der Feelener Gemeng, an un déi zwee Schoulmeeschtere Marc Frank a Gilbert Schreiner iwwerreecht. Den Här Karl-Heinz Lachmann, Aarbechter op der Gemeng, krut e Kaddo fir seng Prepensioun. Leider war et him net laang vergonnt, fir an dës nei Etapp vum Liewen eranzekommen. Hien ass viru kuerzem verstuerwen.

| EIS GEMENG - NOTRE COMMUNE |

HOCHZÄITEN 2022

MARIAGES 2022



Speranza Emilio & Schockweiler Claudia



Wagener Frank & Streicher Michèle

Roggeman Olivier & Goergen Tiana	22.02.2022
Linster Bob & Nosbusch Anna	22.02.2022
Fiume Paolo & Bucari Fabienne	01.04.2022
Dondelinger Steve & Reding Nadine	08.04.2022
Visparelli De Girolamo Claudio & Spinosa Gennara	22.04.2022
Pinto Mesquita André & Carvalho Nogueira Carla	04.06.2022
Barandas Rui & Antonacci Andrea	04.06.2022
Prianon Olivier & Menster Liz	11.06.2022
Goergen Cédric & Gleis Noémie	01.07.2022
Wagener Frank & Streicher Michèle	08.07.2022
Da Silva Matias Joel & Silva Queirós Carla	20.07.2022
Speranza Emilio & Schockweiler Claudia	26.08.2022
Seloski Ervin & Kurtishi Bjondina	24.09.2022
Kan Prince Ifeco & Susca Michèle	30.12.2022

GEBUERTEN A STIERFFÄLL 2022

NAISSANCES & DÉCÈS 2022

GEBUERTEN - NAISSANCES

Linster Tom	12.01.2022
Alcobia Philippe	22.01.2022
Marnach Véronique Aurélie	03.02.2022
Michels Pinto Hannah	14.02.2022
Zeimet Ava Ashley	15.03.2022
Araújo Monteiro Jonas	03.04.2022
Araújo Monteiro Levi	03.04.2022
Miletto Alyxia	02.05.2022
Wetzel Constance Genna Alexandra	05.05.2022
Carocha Milan	10.05.2022
Kieffer Louis	20.05.2022
Zimmer Jamie	26.05.2022
Guthmann Charles Max	07.06.2022
Schuch Elia	25.06.2022
Bucari Aline Sophie Tina	30.06.2022
Martini Dua	19.07.2022
Rocha Pereira Martim	20.07.2022
Smajovic Esma	27.07.2022
Mangen Tun	29.07.2022
Morais Fernandes Laïa	04.08.2022
Fernandes de Carvalho Laura	06.08.2022
Zahitovic Medina	18.08.2022
Stelmes Riley	05.09.2022
Valent Gina	08.10.2022
Schwartz Theo Joseph	02.11.2022
Nogueira Mesquita Dany	07.11.2022
Jans Saro Lee	11.11.2022
Goergen Matteo	17.12.2022

STIERFFÄLL - DÉCÈS

Wagner Margot Anne	02.01.2022
Gaspar Jean Florent	16.01.2022
Barbato Ottavio Natale	02.02.2022
Reis Jeanne Marie	17.02.2022
Lehmann André Jacques	02.03.2022
Schmit Victor	24.03.2022
Berns Jean Antoine Emile	31.03.2022
Araújo Monteiro Jonas	04.04.2022
Kirchen Eliane Catherine	30.05.2022
Araújo Fernandes José	03.08.2022
Mersch Irène Marguerite	18.08.2022
Laschette Marie	11.11.2022
Lemaire Elisabeth	06.12.2022

UNSER LAND IST IN GUTER VERFASSUNG!

Am 28. April 2023 wurde das 175jährige Jubiläum der Luxemburgischen Verfassung in der *Däichhal* in Ettelbrück gefeiert. Im Laufe der abwechslungsreichen und mitreißenden Veranstaltung wurden die Gäste aus dem In- und Ausland auf eine Reise in die Vergangenheit mitgenommen. Es wurde unter anderem die Frage beantwortet, warum dieser für die Luxemburger Nation so wichtige Geburtstag in Ettelbrück und nicht in Luxemburg-Stadt gefeiert wird. Und in welcher Form Feulener Bürger an der Entstehung und Erhaltung der Verfassung beteiligt waren.

Zurück zu den Anfängen...

Die Geburtsstunde der *Chambre des Députés* liegt im Jahre 1848. Durch die verheerende wirtschaftliche Situation waren große soziale Spannungen entstanden. Arbeitslosigkeit, Armut, Perspektivlosigkeit, politische Fehlentscheidungen und Verbote ließen den

Funken der revolutionären Welle, die in ganz Europa entstanden war, auch auf Luxemburg überspringen. Die sozialen, gesellschaftlichen und gesellschaftspolitischen Unruhen waren in Ettelbrück besonders stark ausgeprägt. Sie hatten sogar Auswirkungen auf den Feulener Gemeinderat.

In den Wirren des Jahres 1848 war **Dominique Ambroise** die treibende Kraft der Aufständigen in Feulen. Die Unruhen von 1848 führten dazu, dass am 30. Oktober der Feulener Gemeinderat neu gewählt wurde und Dominique Ambroise Mitglied des Gemeinderats wurde. 1852 wurde er zum Schöffen ernannt. Er verstarb am 28. Juni 1853.

Unter dem Druck der Unruhen im Lande stimmte König-Großherzog Wilhelm II. im Revolutionsjahr 1848 einer Verfassungsänderung zu, um unter anderem die Monarchie zu erhalten. Auf Kantonsebene wurden Wahlen für eine

konstituierende Versammlung ausgeschrieben. So wählten am 19. April 1848 in Diekirch 38 Wahlmänner 8 von insgesamt 74 Abgeordneten. Sie vertraten den Kanton Diekirch bei der ersten verfassungsgebenden Nationalversammlung, der sogenannten Konstituante, aus der das Parlament gestärkt hervorging. Diese konstituierende Versammlung fand am 25. April 1848 in Ettelbrück, dem provisorischen Sitz der Regierung, statt, da Luxemburg-Stadt wegen der revolutionären Atmosphäre als zu gefährlich erachtet wurde. Am 29. April 1848 kehrten die Mitglieder der konstituierenden Versammlung nach Luxemburg-Stadt zurück. Die neue Verfassung wurde am 23. Juni 1848 angenommen. Es war die Geburtsstunde der ersten freiheitlichen Verfassung – und deren Wiege stand nicht etwa in Luxemburg-Stadt, sondern in einem Saal des restaurierten Schulgebäudes in Ettelbrück!



Szene während der akademischen Festsitzung in Ettelbrück am 28. April 2023: Jean Ambroise, in dunklem Frack, ruft gemeinsam mit Gleichgesinnten das Volk auf, sich zu erheben.

¹ Siehe hierzu *Louschlëssel* No 19 Mai 2017 – Seite 26. Ambroise Dominique, Zaldot, Gendarm, Wiert, a Revolutionär ; Francois Decker 963-1963, Seite 266, Seiten 271-272 ; Fanfare Feulen 75e anniversaire, Seiten 128-131.

Feulen und seine Abgeordneten

Unter den 8 Deputierten des Kantons Diekirch war auch Johann (Jean) Berns, Agronom und Bürgermeister der Gemeinde Feulen von 1823 bis 1831 und von 1843 bis 1848.

Neben Johann Berns hatte Feulen einen weiteren Volksvertreter: Den Notar Jean Angelsberg, der zunächst in Oberfeulen und später in Niederfeulen wohnte. Er war Mitglied des Parlaments von 1854 bis 1856. Übrigens: Jean Angelsberg war der erste Notar in Feulen. Er bekam 1851 eine Notarstelle zugesprochen. Darüber hinaus war Jean Angelsberg Bürgermeister von 1861 bis 1873.

Ein weiterer Feulener Notar, Joseph Neumann, war Mitglied der Abgeordnetenkammer von 1905 bis 1911. Er führte 1905 das Abgeordnetenmandat seines Schwiegervaters Emile Salentiny, Notar in Ettelbrück, zu Ende. Nach 1911 kandidierte er nicht mehr. Er war der Vater des späteren Präsidenten der ARBED, Tony Neumann, der in Feulen geboren wurde.

Fast hundert Jahre später wurde 2007 mit Fernand Etgen ein weiterer Feulener als Abgeordneter gewählt. 2013 übernahm er als Minister das Ressort für Landwirtschaft, Weinbau und Verbraucherschutz; zeitgleich wurde er Minister für die Beziehungen der Regierung zum Parlament. Seit Dezember 2018 ist er „Chamberpresident“.

In den vergangenen 175 Jahren haben Feulener Bürger wiederholt die Interessen des Luxemburger Volkes vertreten. Die Rolle und die Befugnisse des Parlaments haben sich in diesem Zeitraum laufend weiterentwickelt. Heute ist das Parlament der zentrale Ort der luxemburgischen Demokratie. Im Jubiläumsjahr 2023 wird Luxemburg eine neue Verfassung erhalten, die der politischen Realität und der Entwicklung der Gesellschaft des 21. Jahrhunderts Rechnung trägt – eine moderne Verfassung für ein modernes Land!



Johann (Jean) Berns, Bürgermeister von Feulen und Abgeordneter

Ja, Luxemburg bleibt in guter Verfassung und die Feulener Bürger können mitfeiern. Ab dem 10. Juli wird eine sehenswerte Ausstellung in den *Archives nationales* die Entstehungsgeschichte der Verfassung von 1848 in Schrift, Bild und Ton in Luxemburg zeigen. Johann Berns wird sich sicherlich über den Besuch von Feulener Bürgern und Bürgerinnen freuen.

| EIS KANNER A JONK LEIT - NOS ENFANTS ET JEUNES |

DE KLEESCHEN

SAINT NICOLAS

| 04.12.2022 |

De 6. Dezember ass Niklosdag. Den Owend virdru geet de Kleesche vun Haus zu Haus. Hie mécht deene Kanner, déi sech gutt geschéckt hunn, e Kaddo.

De Kleeschen ass en eeleren Här mat engem laange wäisse Baart. Hien ass e Bëschof, e Mann vun der Kierch. Dat gesait een u senge Kleeder: Hien huet e laange Rack, e roude Mantel an eng rout Mutz (seng Mitra). An der Hand hält hie säi gëllene Bëschofsstaf.

De Kleeschen ass net aleng ännerwee. Hien huet èmmer op d'mannst een Houseker bei sech. Den Houseker ass ganz schwarz ugedoen an hien huet e Sak geféllt mat Rudden. Dat sinn dénn Äscht oder Bengelen, déi hien un déi Kleng an déi Grouss verdeelt, wa si sech net geschéckt hunn.

De Kleeschen ass bei de Feelener Kanner op Besuch gewiescht

De Kleeschen huet sech et net huele gelooss, fir mat sengem schwaarze Gesell op Feelen ze kommen. De 4. Dezember 2022 huet hien déi brav Feelener Kanner an der Sportshal besicht. D'Feelener Musek an d'Kanner vum Précoce a vum Cycle 1 hunn dës Kleescherfeier verschénert. No där offizieller Feier huet de Fairtrade Kommittee aus der Gemeng op seng Kaffisstuff fir e gudden Zweck invitíert.

Le 6 décembre, c'est la fête de Saint Nicolas. La veille, Saint Nicolas (le « Kleeschen ») va de porte en porte et il offre des cadeaux aux enfants sages.

Saint Nicolas est un homme âgé avec une longue barbe blanche. C'est un évêque, un homme de l'église. On le reconnaît à ses vêtements : Il porte une robe longue, un manteau rouge et un bonnet rouge, la mitre. Dans sa main, il tient sa crosse dorée.

Saint Nicolas arrive toujours accompagné du Père Fouettard (le « Housser »). Celui-ci porte des vêtements noirs et un sac rempli de cannes. Ce sont de fines branches qu'il distribue aux enfants et aux adultes qui n'ont pas été sages.

Saint Nicolas a rendu visite aux enfants de Feulen

Le 4 décembre 2022, Saint Nicolas et le Père Fouettard ont rendu visite aux enfants sages de la commune. La fête avait lieu au hall sportif à Niederfeulen. La Fanfare Feulen, ainsi que les élèves de l'éducation précoce et du cycle 1, ont contribué à l'embellissement de cette fête.

Après la célébration officielle, le comité Fairtrade de la commune a invité à une « Kaffisstuff », dont les recettes sont reversées à une bonne cause.



D'Kanner aus dem Cycle 1 waarden opgereegt op de Kleeschen.

Les enfants du cycle 1 attendent Saint Nicolas avec impatience.



De Kleeschen huet Titercher fir d'Kanner matbruecht.

Saint Nicolas distribue des sachets de friandises aux enfants.



Kleeng a grouss Kanner, Mammen a Pappen, Bomien a Bopie si bei de Kleesche komm.

De petits et grands enfants, des mamans et des papas, des mamies et des papis sont venus voir Saint Nicolas.



D'Kaffisstuff vum Fairtrade Kommittee vun der Gemeng war gutt besicht.

La « Kaffisstuff » du comité Fairtrade de la commune a eu beaucoup de succès.



Wousst dir schonn?

De Kleesche besicht d'Kanner a ville Länner op der Welt. An Däitschland an an Éisträich heescht hie *Sankt Nikolaus*; den Houseker ass de *Knecht Ruprecht*. An der Belsch an a Frankräich sinn et de *Saint Nicolas* an de *Père Fouettard*. *Sinterklaas* heescht de Kleeschen an Holland a *San Nicolò* an Italien. An der Schwäiz ass et de *Samichlaus* an den Houseker ass de *Schmutzli*. Rot emol firwat!



Le saviez-vous ?

Saint Nicolas rend visite aux enfants dans beaucoup de pays. En Allemagne et en Autriche, on l'appelle *Sankt Nikolaus* et son compagnon noir, c'est *Knecht Ruprecht*. Aux Pays-Bas, il est appelé *Sinterklaas*, en Italie *San Nicolò*. En Suisse, il porte le nom de *Samichlaus* et le *Père Fouettard* est appelé *Schmutzli*. Devinez pourquoi !

| EIS KANNER A JONK LEIT - NOS ENFANTS ET JEUNES |

CHRËSCHTMAART ZU FEELEN AM KUEBEBONGERT

MARCHÉ DE NOËL À NIEDERFEULEN AU KUEBEBONGERT

| 16.12.2022 |

Freides, de 16. Dezember, hunn d'Schoulkanner, zesumme mam Léierpersonal, dem Personal aus der Maison relais an den Elterevertreter op hiren traditionelle Chrëschtmaart am *Kuebebongert* invitéeiert. Mat Hëllef vun der Gemeng ass am Schoulhaff mat ville Liichtercher, hëlze Buden a Chrëschtbeemercher eng wanterlech Atmosphär geschafe ginn. Op deene verschiddene Stänn gouf et kreativ Bastelaarbechte vun de Schoulkanner aus alle Cyclen ze kafen. Fir esou richteg a Feierdagsstëmmung ze kommen, goufe Chrëschtlieder gesongen an d'Strépp vun der Feelener Musek huet fir flott Chrëschtgdagsmusek gesuergt.

Den Erléis vum Chrëschtmaart, d.h. ronn 7.300 Euro, ass integral un d'Fondatioun *Sarah Grond* gespent ginn. Dës Fondatioun hëlleft direkt oder indirekt Familljen a Kanner, déi an Nout sinn, andeems si e finanzielle Support oder aner Forme vun Ënnerstëtzung gëtt.

Wann Dir méi wëllt iwwert dës Fondatioun wëssen,
da scannt de QR Code.



Cette année encore, les élèves, les enseignants, le personnel éducatif de la maison relais de même que les représentants des parents d'élèves ont invité au marché de Noël traditionnel au *Kuebebongert*. La commune a aidé à créer une ambiance hivernale dans la cour de l'école avec de nombreuses lumières, des chalets en bois et des sapins de Noël. Des bricolages créatifs réalisés par les élèves de tous les cycles d'apprentissage ont été mis en vente. L'ambiance de fêtes était au rendez-vous avec des chants de Noël et des mélodies hivernales jouées par la « Strëpp » de la fanfare de Feulen.

Les recettes du marché de Noël de cette année, à savoir 7.300 euros, ont été intégralement versées à la *fondation Sarah Grond*. Cette fondation aide des familles et des enfants en besoin, de façon directe ou indirecte, en proposant un soutien financier ou d'autres formes de support.

Si vous souhaitez avoir plus d'informations sur cette fondation, veuillez scanner le code QR.





| EIS KANNER A JONK LEIT - NOS ENFANTS ET JEUNES |



WIEL VUN DEN NEIEN ELTEREVERTRIEDER

ÉLECTION DES NOUVEAUX REPRÉSENTANTS DES PARENTS D'ÉLÈVES

| 25.10.2022 |

D'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul gesät énnner anerem vir, datt d'Eltere méi staark an d'Schoul solle mat agebonne ginn.

D'Wale fir déi nei Elterevertrieber waren de 25. Oktober 2022. Hir Funktion ass et, Vermëttler téschent den Elteren an dem Léierpersonal duerzestellen. Si huelen aktiv deel un de Reunioune mam Schoulkomitee a ginn hiren Avis zum Schoualentwécklungsplang (PDS) an zu der Schoulorganisatioun of. Si héllefe bei der Organisatioun vu sozialen a kulturelle Veranstaltungen an der Schoul a si Member an der Schoukkomissioun vun der Gemeng.

Déi nei Besetzung fir déi nächst 3 Joer besteet aus 13 Leit.

La loi du 6 février 2009 portant sur l'organisation de l'enseignement fondamental encourage les parents d'élèves à s'impliquer davantage au sein de l'école.

Ces élections pour les nouveaux représentants des parents d'élèves ont eu lieu le 25 octobre 2022. Leur fonction est d'assurer un rôle de médiateur entre les parents d'élèves et le personnel enseignant et éducatif. Ils participent activement aux réunions du comité de l'école et donnent leur avis par rapport au plan de développement scolaire (PDS) et l'organisation au sein de l'école. Ils aident lors de l'organisation d'événements et sont membres de la commission scolaire de la commune de Feulen.

La nouvelle équipe est constituée de 13 membres qui nommés pour 3 ans.



1. Rei (vu lénks no riets): Bernard Laurence, Schaul Pascale, Wagner Sylvie, Konsbruck Nadine, Kohn Tessy, Jacoby Diane, Maraglino Meria
2. Rei (vu lénks no riets): Migy Sven, Steinbach Christian, Feinen Tanja, Jans Catherine, Elsen Mireille, Busack Corinne


| EIS KANNER A JONK LEIT - NOS ENFANTS ET JEUNES |

LIICHTMËSSDAG 2023 ZU UEWERFEELEN

| 02.02.2023 |

Ronn 70 Kanner hu sech am *Neie Wee* ge-
traff, fir zesumme liichten ze goen. Mat
hire flotte Lüichtebengelcher a Lantere sinn
d'Kanner an dräi Gruppe von Haus zu Haus
duerch ganz Uewerfeelen gezunn an hunn
hieri Lidd fir Liichtmëssdag gesong. Do, wou
d'Leit hinnen d'Dier opgemaach hunn, gouf
et als Belounung vill Kamellen a Schockela.
Zum Schluss hunn d'Kanner an hir Eltere sech
erëm all am *Neie Wee* op e gutt Stéck Kuch an
e waarme Schocki getraff, wou och déi ganz
„Beute“ gerecht opgedeelt ginn ass.





| EIS KANNER A JONK LEIT - NOS ENFANTS ET JEUNES |

OP ENTDECKUNGSSREES AN DER GEMENG FEELEN!

PARTONS À LA DÉCOUVERTE DE NOTRE COMMUNE !

OPLÉISUNG VUM 1. DEEL VUM QUIZ

Am leschte *Louschlëssel* ware véier Fotoe mat verstoppete Plazën an der Gemeng. Hutt dir dës erkannt? All deenen, déi matgesicht hunn, e grousse MERCI!



1. Wou assdeen Drëtten?

Dat hei ass eng Skulptur vun enger Famill mat 3 Mënschen. Si steet zu Uewerfeelen virum Gebai vum *Kolping*.

1. Où est le troisième ?

La photo montre deux des trois membres d'une famille. Ils se trouvent à Oberfeulen, devant le bâtiment du *Kolping*.



2. De Mann mam Helm ...

Dëse Mann ass e Pompjee. Hien huet en Helm op dem Kapp an e Schlauch am Grapp. Zesumme mat sengem Pompjeeskolleg ass hien amgaang, Feier ze läschen. Dir fannt déi zwee Pompjeeën op der Fassad vun der Pompjeesschoul an der *rue de la Wark*.

2. L'homme au casque ...

Cet homme est un pompier. Il porte un casque et tient une lance à la main. Ensemble avec son collègue, il est en train d'éteindre un incendie. Les deux pompiers se trouvent sur la façade de « l'école des pompiers » dans la *rue de la Wark*.

LES RÉPONSES AUX QUESTIONS DE LA PREMIÈRE PARTIE DU QUIZ

Dans le dernier numéro du *Louschlëssel*, les quatre photos ci-dessous vous ont montré des endroits cachés. Savez-vous où les photos ont été prises ? Un grand merci à tous ceux qui ont participé à la recherche.



3. Eng Kette mat engem Kräiz ...

Wien huet dës Ketten ëm den Hals? Et ass d'Maria, dem Jesus seng Mamm. Si steet am Park bei der Gemeng. Dir sidd bestëmmt scho laanscht si gaang, wann dir ennerwee bei de Bäcker waart.

3. Une chaîne avec une croix ...

Qui porte ce collier? C'est Marie, la mère de Jésus. Vous la trouverez dans le parc près de la boulangerie et de la maison communale.



4. Wie laacht dann do?

D'Meedchen op déser Foto kennt dir och. Hatt ass an der Entrée vun där aler Schoul op d'Mauer gemoolt. Hatt a seng Frënn, mat deenen hatt spilt. Dofir ass hatt och esou frou.

4. Qui rit ici ?

Cette fille, vous la connaissez sans doute ! Elle est peinte sur le mur de l'entrée de l'ancienne école. Elle y joue avec ses amis. C'est pourquoi elle est si heureuse.

AN D'ENTDECKUNGSREES GEET WEIDER ...

ET LE VOYAGE AUX DÉCOUVERTES CONTINUE ...

DEN 2. DEEL VUM QUIZ

Och an dësem *Louschlëssel* gëtt et rëm Neies z'entdecken. Dës Kéier sinn et Bänken. Där gëtt et der op e sëllege Plazzen zu Feelen: Et gëtt si an alle Faarwen an aus Holz, Metall, Plastik, asw.

Wéi eng vun dëse 4 Bänke steet net zu Feelen?

Wësst dir d'Äntwert? Da kräizt dee richtige Buschstaf (A, B, C oder D) op dem Froebou un. Iwwert de QR Code kommt dir op d'Säit mam Froebou. **Schéckt eis är Äntwert virum 1. Juli eran.**

Vill Spaass beim Roden! Ënnert alle richtegen Äntwerte gëtt e flott Kannerbuch verloust.

DEUXIÈME PARTIE DU QUIZ

Dans cette édition du *Louschlëssel*, il y a d'autres nouveautés à découvrir. Cette fois-ci, nous partons à la découverte des bancs qui se trouvent un peu partout dans Feulen. Ils existent en bois, en métal, dans différentes couleurs, etc.

Lequel des 4 bancs ne se trouve pas à Feulen ?

Connaissez-vous la réponse ? Si oui, cochez la bonne réponse (A, B, C ou D) dans le questionnaire. Le code QR vous donnera accès au questionnaire. Envoyez-nous vos réponses avant le 1^{er} juillet 2023.

Le gagnant du tirage au sort recevra comme cadeau un livre pour enfants. Laissez-vous surprendre !




A



C



B



D

Hei geet et bei
de Froebou op
Lëtzebuergesch



Lien vers le
questionnaire
en français



| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

GENERALVERSAMMLUNG VUN DÉI JONK VU GËSCHTER FEELEN

| 16.02.2023 |

D'PORTE-OUVERTË KËNNTE BESSER BESICHT SITT

RÉCKBLÉCK OP D'JOER 2022

Zanter der Opléisung vun der lokaler Amperas-Sektion besteet de Senioreveräin *Déi Jonk vu gëschter Feelen* elo scho 16 Joer. D'Generalversammlung vun dësem Joer am Hennesbau zu Nidderfeelen ass och eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir e Bilan vun 12 Méint Aktivitéiten ze zéien. Direkt am Ufank huet d'Presidentin Viviane Reinartz-Krack all déi Leit, déi komm sinn, wëllkomm geheesch. Si huet der Gemeng Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht, dem Kommittee an alle Membere fir hir Trei iwwert dat ganzt Joer. Wärend d'Aktivitéiten zimmlech gutt besicht waren, bleiwen d'Porte-ouverten nach èmmer e Suergekand. Hei wier de Kommittee vrou, wa si nach weider Membere begréisse künnten. No enger Minut vun der Stéll huet de Fons Schmitz, a Vertriebung vun der Sekretärin Marianne Welter-Heintzen, déi verschidden Aktivitéité vum Joer 2022 Revue passéiere gelooss, un deenen net manner wéi 333 Memberen deelgeholl hunn.

AUSBLÉCK OP WEIDER AKTIVITÉITEN AM JOER 2023

- Den 11. Mee ass e Spargeliessen mat Ausfluch op Perl (D) virgesinn.
- De 26. a 27. Mee, grad ewéi den 13. a 14. Oktober, ginn Eiseküchen zu Angelduerf am Supermarché gebak.
- Den 8. Juni ass d'Fest vun de Mammen an de Pappen.
- D'Grillfest ass den 1. Juli.
- En Openthalt vum 18. bis den 21. September ass zu Ostende virgesinn.
- Am Dezember stinn d'Niklosfeier an d'Visitt vum Chrëschtmaart op dem Programm.

DE KEESSERAPPORT AN D'WUERT VUM BUERGERMEESCHTER

Aus dem Keesserapport vum Marcelle Rodesch-Schwartz ass ervirgaang, datt trotz engem klenigen Defizit an engem Don vun 2.000 Euro fir d'Ukrain, d'Finanzlag vum Veräin nach èmmer gesond ass. A senger Ried huet de Buergermeeschter Fernand Mergen déi gutt Leedung vum Feelener Senioreveräin gelueft an och

Detailer iwwert déi aktuell Renovéierungsaarbechten am Veräinssall zu Uewerfeelen ginn, déi viraussüchtlech fir September ofgeschloss solle sinn. Ofschléissend huet hien dem Veräin nach vill schéi Momenter fir d'Zukunft gewünscht. Beim Punkt „Verschiddenes“ ass d'Fro gestallt ginn, wéi eng nei Méiglechkeeten et gëtt, fir d'Veräinsliewen nach méi attraktiv ze gestalten. Och fir déi administrativ Saachen ze vereinfachen, wier et gutt, wann d'Memberen hir Email Adress un d'Sekretärin künnte weiderleeden.

De Kommittee setzt sech folgendermaaßen zesummen: D'Viviane Reinartz-Krack ass d'Presidentin, d'Marianne Welter-Heintzen ass d'Vizepresidentin an d'Sekretärin an d'Marcelle Rodesch-Schwartz ass d'Caissière. Bäsétzend Membere sinn de Camille Braun, d'Léa Busto-Wingert, de Georges Fellens, den Aloyse Ottelé, d'Loni Reding-Gillen an de Fons Schmitz. Bei engem gudde Fueskichelchen an enger Taass Kaffi huet déi 16. Generalversammlung vun *Déi Jonk vu Gëschter Feelen* e gemittlechen Ofschloss fonnt.

Foto an Text: Charles Reiser



De Kommittee vun Déi Jonk vu Gëschter Feelen (vu lénks no riets): Aloyse Ottelé, Camille Braun, Marcelle Rodesch-Schwartz, Viviane Reinartz-Krack, Fons Schmitz, Léa Busto-Wingert, Loni Reding-Gillen

DE CLUB SENIOR NORDSTAD

| 02.02.2023 |

Enn 2022 hunn déi 9 Partnergemege vum *Club Senior Nordstad* missen entscheeden, wien deen neie Gestionnaire vum *Club Senior Nordstad* géif ginn. D'*Club Senior Nordstad* a.s.b.l. konntt vun 2023 un net méi weidermaachen. Si huet sech d'Decisioun, fir hir Aufgaben un e professionellen Träger ofzeginn, net einfach gemaach. Enn 2022 war et dunn esou wäit. All de Membere vum *Club Senior Nordstad* a.s.b.l. soe mir op déser Plaz e grousse Merci fir hir laangjäreg an engagéiert Aarbecht!

Eis Partnergemengen hunn *Inter-Actions* a.s.b.l. als neie Gestionnaire erausgesicht an de *Club Senior Nordstad* ass zanter dem 1. Januar 2023 bei *Inter-Actions* a.s.b.l. mat am Boot. Offiziell huet den Här Dr. Leners, President vun der *Club Senior Nordstad* a.s.b.l., de „Staf“ un den Här Roger Faber, President vun *Inter-Actions* a.s.b.l.

bei der flotter Neijoerschreception, den 18. Januar 2023, weiderginn. A senger Ried huet den Dr. Leners bewosst d'Bild vun engem Staffellaf gewielt, well all Leefer seng Fäegkeete fir seng Ekipp asetzt. An dat soll och an Zukunft esou bleiwen. Den Här Faber huet sech engagéiert, datt den neien Träger säi Kënne wäert optimal notzen, fir d'Aktivitéité vum *Club Senior Nordstad* z'ënnerstëtzen an zugläich natierlech och nei Weeër wäert goen.

Den 31. Dezember 2022 ass dee leschte Schaffdag vun der *Chargeée de Direction* vum *Club Senior Nordstad*, der Madamm Barbara Wiesen-Pankratz, gewiescht. Si ass no méi wéi 23 Joer am Déngsch vum *Club Senior Nordstad* an déi wuelverdénge Pensioun gaangen. Och hier soe mir villmools Merci: Si huet émmer hiert Bescht gemaach, fir flott Aktivitéiten ze fannen. Hir ass

et émmer wichteg gewiescht, datt d'Clienten ze-fridde sinn, sief dat bei enger klenger Aktivitéit oder enger grousser Rees.

De 15. Mäerz 2023 huet déi nei Responsabel, d'Madamm Maud Dumay, beim *Club Senior Nordstad* ugefaang. Mir wünschen hir vill Freed a Succès bei hirer neier Aufgab. D'Clientë vum *Club Senior Nordstad* dierfe sech op hir gewinnten Aktivitéité freeën an op e Summer mat flotten neie Projete gespaant sinn. D'Ekipp vum Club freet sech op lech!



Foto: Charles Reiser

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

D'ENTENTE FEELEN-GRÉIWELS-HEISCHENT STELLT SECH VIR

L'ENTENTE FEULEN-GREVELS-HEIDERSCHEID SE PRÉSENTE

D'Entente Feelen-Gréiwels-Heischent huet de Moment ronn 130 aktiv Fussballspillerinnen a Fussballspiller an de Kategorie „Bambini“, „Pupilles“, „Fillettes“, „Poussins“, „Minimes“ a „Scolaires“. Betreit ginn déi Jonk vu 17 Trainerinnen an Traineren.

Den Ekippegeescht, de Fair-Play, den Zesummenhalt an e kollegiaalt Ëmfeld si bei eis an der Entente genee esou wichtig wéi de sportlechen Aspekt. Fir dëst z'erreechen, fannen èmmer nees Aktivitéiten niewent dem eigentlechen Training an de Matcher statt.

Esou hu mir an der aktueller Saison 2022/2023 bis elo déi follgend Aktivitéité mat de Kanner gemaach:

- Am November hu Spillerinnen a Spiller aus de Kategorie „Pupilles“ a „Poussins“, zesumme mat hiren Elteren a Geschwëster, de Lännermatch Létzebuerg – Bulgarien am *Stade de Luxembourg* besicht.
- Am Dezember koum de Kleeschen bei d'Spillerinnen an d'Spiller vun de „Bambini“ an de „Pupilles“ an huet si nom Training mat enger Titchen iwwerrascht.
- Am selwechte Mount huet de Kommittee vun der *Entente Feelen-Gréiwels-Heischent* d'Jugendspillerinnen an d'Jugendspiller, esou wéi hir Elteren, op e Kicker-Turnéier an den *Hennesbau* invitierert. Ronn 90 Spillerinnen a Spiller hunn um Turnéier a verschiddene Kategorié matgemaach an ee flotten Nomëttag zesumme verbruecht. Owes huet de Kommittee, mat grousser Ènnerstëtzung vum David Albert aus dem Restaurant *Am Hennesbau*, verschidde Menüen zerwéiert an den Dag a geselleger Ronn auskléngé gelooss.



L'entente Feulen-Grevels-Heiderscheid compte actuellement environ 130 footballeurs actifs dans différentes catégories « Bambini », « Pupilles », « Fillettes », « Poussins », « Minimes » et « Scolaires ». Les jeunes joueurs sont encadrés par 17 entraîneurs.

L'esprit d'équipe, le fair-play, la cohésion et la collégialité sont tout aussi importants pour nous que l'aspect sportif. Pour y parvenir, de nombreuses activités sont organisées en surplus des entraînements et des matchs. Ainsi, nous avons proposé toute une panoplie d'activités au cours de la saison actuelle 22/23 :

- En novembre, les joueurs des catégories « Pupilles » et « Poussins », accompagnés de leurs parents, frères et sœurs, ont assisté au match de football entre le Luxembourg et la Bulgarie au *Stade de Luxembourg*.
- En décembre, Saint Nicolas est venu voir les joueurs des catégories « Bambini » et « Pupilles » après leur session d'entraînement et les a surpris avec un sachet de friandises.
- En décembre encore, le comité de l'entente Feulen-Grevels-Heiderscheid a invité les jeunes joueurs, ainsi que leurs parents, à un tournoi de kicker au *Hennesbau*. Environ 90 joueurs ont participé au tournoi dans différentes catégories et y ont passé un excellent après-midi. Le soir, le comité, avec le grand soutien de David Albert du restaurant *Am Hennesbau*, a servi différents menus et nous avons terminé la journée de façon très agréable.

Wann Äert Kand och um Fussball intresséiert ass, da besicht eisen Internet-Site www.entente-fgh.lu oder schreift eis eng Email op secretariat@entente-fgh.lu.

Si votre enfant s'intéresse au football, visitez notre site internet www.entente-fgh.lu ou contactez-nous par email à l'adresse suivante : secretariat@entente-fgh.lu.



- Kuerz virun Ouschteren huet den Ouschter-hues niewent dem Terrain Eeär verstoppt an d'Kanner duerften nom Training op d'Sich goen.
- Den 8. a 9. Mee stoung dee grousse Fussballtournoi *Euro-Cup 2023* zu Nidderfeelen op dem Programm. Hei hu méi wéi 600 Kanner an deene verschiddene Kategorië matgespillet.



- Avant Pâques, le lapin de Pâques a caché des œufs aux alentours du terrain de football et les enfants sont partis à la recherche après la session d'entraînement.
- Les 8 et 9 mai, notre grand tournoi de football *Euro-Cup 2023* s'est déroulé au terrain des sports à Niederfeulen. Plus de 600 enfants y ont participé ici dans différentes catégories.



SIDD DERBÄI!

MEEDERCHERSFUSSBALL

ENTENTE FEELEN/GREIWELS/HEIDERSCHEID/MERTZIG

Kategorien:
Fillettes (U11)
Jeunes Filles
(U15)



Bass du téschent
7 an 15 Joer an **interesséiert**
een Deel vun éiser Equip ze sin?

Dann meld dech énnert:
secretariat@entente-fgh.lu oder info@sportingmertzig.lu

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

GALAIESSEN VUM FUSSBALLCLUB US FEELEN AM HENNESBAU

| 14.01.2023 |

Am Januar 2023 huet e gebiertege Feelener, den Här Philippe Risch, fir dem Feelener Fussball seng 75 Joer ze feieren, e Galamatch géint den FC Una Stroossen an e grousst Galaiessen am *Hennesbau* organiséiert.

Den Här Risch ass Spiller, Member vum Kommittee a President vum Feelener Fussball gewiescht. Säit Joren ass hien och Haaptsponsor vun der *US Feelen*.

D'*US Feelen* huet elo d'Saison 2022/2023 schonn déi meeschte Punkten a senger Veräinsgeschicht an der 1. Divisioun geholl.

Ee ganz grousse Merci geet dofir un de Philippe Risch a seng Firma *IHP*.



De Fussballclub US Feelen seet Merci!

Bléck an de grousse Sall vum *Hennesbau* beim Galaiesse vum 14. Januar



Vu lénks no riets: Rajesh Etgen, Tanja Bindels-Braun, Philippe Risch



Vu lénks no riets: Luc Hilger, Philippe Risch, Rajesh Etgen



Vu lénks no riets: Rajesh Etgen, Philippe Risch



D'Ekippe vu Feelen a Stroossen virum Ufank vum Galamatch

ÉIERUNG FIR E JONKEN AN TALENTÉIERTE MUSIKANT



Vu lénks no riets: Sandra de Marie-Schaltz,
Eric Tock, Fernand Mergen



Am Kader vun der Diplomiwverreechung vun der UGDA zu Luerenzweiler krut den Eric Tock am Februar 2022 an enger feierlecher Zeremonie säin Diplom fir déi 1. Mentioun, Trompett, Schouljoer 2021/2022 iwwerreecht.

Foto: J.M. „Lupo“ Ludowicy, lupo.lu

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

D'AKTIVITÉITE VUN DER FEELENER MUSEK TËSCHENT DEZEMBER 2022 A MÄERZ 2023



BESUCH VUM KLEESCHEN, de 4. Dezember 2022

De Kleeschen a säi Gesell sinn op Besuch an der Sportshal zu Feelen gewiescht. Fir hiren Openhalt esou agreeabel wéi méiglech ze gestalten, huet niewent de Kanner och d'Feelener Musek fir de musikaleschen Encadrement gesuergt.

Well jiddwereen sech d'Joer iwwer gutt geschéckt huet, krut och jiddweren eng Titchen mat Séissegkeiten. Fir Merci ze soen, huet den Houseker dunn eng Foto vun de Musikante mam Kleesche gemaach.



CHRËSCHTMÄART AM KUEBEBONGERT, de 16. Dezember 2022

Um Chrëschtmaart zu Nidderfeelen am Schoulhaff huet d'Feelener Musek sech ëm déi duuschtreg Leit gekëmmert. Fir d'Fest musikalesch z'ënnermolen, huet d'Feelener Strëpp hir schéinste Chrëschtlieder gespillt.

KÄRZENOWEND, de 17. Dezember 2022

Zum Joresofschloss huet d'Feelener Musek op e gemittleche Kärzenowend invitéiert. Empfaang goufen eis Gäsch bausse mat engeem Glüwäin. Op dem Menü stoungen en Ham- oder Kéisteller an als Ofschloss eppes Séisses vum Dessertbuffet. D'Feelener Musek huet a verschiddenen Zesummesetzunge musikalesch duerch den Owend begleitet a mat besénnleche Chrëschtliider iwwert international Evergreens bis hin zu méi rockege Kläng d'Chrëschtzäit agelaut.





FUESKICHELCHER, den 18. Februar 2023

E Genoss! Wien huet se net gär! D'Fuesent stoung virun der Dier an do duerften natierech häerhaft Fueskichelcher net feelen! Mir hunn eist Bakgeschier ausgepaakt an no

eisem Geheimrezept Fueskichelcher mat Stoffi fir d'Leit gemaach. Mir hoffen, se hunn lech esou exzellent geschmaacht wéi eis och!



GALACONCERT, den 18. Mäerz 2023

De groussen Highlight am Joer fir all Musikant ass a bleift de Galaconcert. Ënnert der Leedung vun eisem Dirigent, dem Patrick Kim Wilhelm, hu mir dëst Joer probéiert, fir d'Museksfrénn mat engem flotten an usprochsvolle Programm aus der Welt vun der Filmmusek wuertwiertlech ze verzaubern.

De Concert huet sech dëst Joer haaptsächlech ëm ee vun de weltwäit bekanntsten an erfolleg-räichste Filmkomponiste gedréint, de John

Williams. A wat huet de John Williams mat Zauberei ze dinn? Genee, hien huet d'Filmmusek zu *Harry Potter und der Stein der Weisen* komponéiert. Mat zaarte Melodië wéi *Hedwigs Theme* an *Harry's Wondrous World* hu mir d'Leit mat op eng magesch Rees geholl. *King Kong* vum James Newton Howard a weider Klassiker vum John Williams wéi *Jurassic Parc*, *Olympic Fanfare* an *Hymn To The Fallen* hunn de Programm completéiert.

Op der grousser Bün stoung och eise Jugendensembel, eis *Troubletones*, déi de Concert wéi émmer groussaarteg ageleet hunn. Dës Kéier mat de Stécker *Heroes and Glory*, *Happy* an *Pirates of the Caribbean*.

GROUSS BOTZ, de 25. März 2023

Och dëst Joer hu motivéiert Membere vun der Feelener Musek sech zesumme-gedoën, fir bei der Grousser Botz eist Duerf an d'Natur propper ze halen.

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

FEELENER FËSCHERKOLLEGEN 92: RÉCKBLÉCK OP D'SAISON 2022

CHAMPION 2022

D'Saison 2022 war eng vun deene schéinste Saisonen zanter 1992. Mir hunn eis 30 Joer an de Championstitel 2022 gefeiert. Als Bonus hu mir de „6-Länner-Match“ hei am Land organiséiert a selwer matgeféscht, do wou Welt-an Europameeschter op Besuch waren.

Am Laf vum Joer huet eise Veräin un 10 Concoursen deelgeholl, dovun hu mir 6 Stéck gewonnen; eist schlechtste Resultat war hei eng 4. Platz. An den einzelne Kategorien hu mir 12 Mol gewonnen a mir stoungen 30 Mol op dem Podium.

An der Eenzelwäertung vun der FLPS (*Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs*) hu mir follgend Resultater opzeweisen:

- An der Kategorie „Seniors“ ass de Steve Braun Champion ginn; déi 3. Platz war fir de Steve Schaaf.
- An der Kategorie „Master“ ass den Alain Denelle Champion ginn.
- An der Kategorie „Limit“ goung de Championstitel un de Serge Wolsfeld an déi 3. Platz war fir de Batti Micucci.
- Clubchampion 2022 gouf de Serge Wolsfeld virum Steve Braun an dem Steve Schaaf.

Ee grousse Merci geet un eis trei Sponsoren, de Fränk, de Jeannot an de Jean-Claude.



Steve Schaaf



Steve Braun



Alain Denelle



**1. Plaz beim Concours op der Mëttelsauer,
organiséiert vu Gilsdref**

- 1. Rei (vu lénks no riets): Charel Kirchen, Jeanny Strichartz, Batti Micucci, Steve Braun, René Royer
- 2. Rei (vu lénks no riets): Mike Steffen, Steve Schaaf, Jeannot Lacour, Marco Trombini



**1. Plaz beim Concours op der Musel,
organiséiert vu Péiteng**

- 1. Rei (vu lénks no riets): Batti Micucci, Serge Wolsfeld, Steve Braun
- 2. Rei (vu lénks no riets): René Royer, Fredy Wagner, Steve Schaaf, Jeanny Strichartz, Alain Denelle



Nom leschte Concours op der Our zu Veianen, wou mir Champion 2022 gi sinn

- 1. Rei (vu lénks no riets): Jeannot Lacour, Serge Wolsfeld, Steve Braun, Fredy Wagner
- 2. Rei (vu lénks no riets): Steve Schaaf, René Royer, Charel Kirchen, Mike Thinnes
- 3. Rei (vu lénks no riets): Alain Denelle, Pol Aumasson, Mike Steffen, Fränk Steffen, Marco Trombini, Pit Conrady

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

GANZ VILL AARBECHT FIR DE KOLPING FEELEN



D'PANDEMIE GOUF GUTT IWWERSTAN!

Fir d'Generalversammlung vum *Kolping Feelen* hu sech ganz vill Memberen esouwéi och en ettlech Invitéen afontt, déi de President Fons Schmitz um Ufank a senger Usprooch konnt begréissen. Ier dee ganze Programm an Ugrëff geholl gouf, ass eng Gedenkminnert ageluecht ginn, fir deene verstuerwene Kolping- a Familljemberen esouwéi och Frénn a Bekannten ze gedenken.

Als éischt konnt de President de Buergermeeschter Fernand Mergen a säi Schäffchen Daniel Wilmes begréissen. Hien huet der Gemeng e grousse Merci ausgeschwat fir déi finanziell a materiell Ënnerstëtzung an Hëllef am vergaangene Joer. D'Gemeng huet fir all Problem en oppent Ouer. Och vum Gemengpersonal an de Gemengenaarbechter gëtt ganz vill Aarbecht fir déi Feelener Veräiner geleescht.

E weidere Merci goung un d'Christianne Mergen, dat zanter senger Zäit am Gemengerot bei eis am *Kolping* als „Membre sympathisant“ gefouert gëtt, duerch seng Cotisatioun, esouwéi sain Intressi un der Aarbecht vum *Kolping Feelen*, an dat alles am Senn vum Be-nevolat.

Vum *Kolping Zentrum* war d'Presidentin Annette Schroeder bei eis komm. D'Annette krut Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht téschent deenen zwou Kolping-Familien zu Lëtzebuerg. Vun der *Kolping Lëtzebuerg Asbl* war et d'Marie-Jeanne Brauch, d'Nationalpresidentin, déi vum Feelener President ganz häerzlech begréisst gouf. Virun engem Joer huet d'Marie-Jeanne sech misse vertriede loossen, bedéngt duerch en onglecklechen Onfall. Am Moment stinn d'Zeechen awer gutt, fir erém esou séier wéi méiglech op d'Been ze kommen. D'Marie-Jeanne huet all d'Projeten, international wéi national, énnert senge Fittichen, esouwéi och d'Relatiouon mat méi héijen Instanzen, fir datt alles realiséiert gëtt, wou *Kolping Lëtzebuerg* seng Ënnerstëtzung ugebueden huet.

Och seng Feelener Memberen huet de President net vergiess an hinnek, esouwéi och der Containerekipp, villmools Merci gesot fir dee groussen Asaz am vergaangene Joer, sief dat bei der Feier bei der Grott, dem Adventsiessen oder och nach der lerzenzopp, grad ewei bei sämtleche Manifestatiounen vun der Gemeng. Zwee nei Memberen hu sech vun dësem Joer u beim *Kolping* gemellt, fir eng Hand mat unzepaken: d'Jacky Schreiner an de Carlo Hoffmann, deen eis helleft, d'Containeren ei-del ze maachen, nodeems d'lescht Joer, kuerz

no eiser Generalversammlung, de Berns Jang eis fir èmmer verlooss huet. Hie wäert eis fir èmmer a gudden Erënnerung bleiwen.

An dem Aktivitésrapport vum Sekretär ass op en aarbechtsräicht Joer zeréckgekuckt ginn. 145 Mol war d'Containerekipp op der Rull, 3 Kommitees- an 2 Memberversammlungen, 4 Begriefnesser a 16 aner Aktivitéiten (ë. a. d'Adventsiessen, d'lerzenzopp, d'International Friddenswanderung zu Maribor a Slowenien, den Ausfluch an d'*Grottes de Han*, d'Aktioun „Aalt Gezei“, den Nationalfeierdag an d'*Journée de Commémoration Nationale*). Och gouf am Abrëll e Scheck vu 5.000 Euro un d'Amicale vun den Ettelbrécker Pompjeeën iwwerreecht als Ënnerstëtzung fir hir Hëllef fir d'Ukrain. Um Programm fir 2023 ass och scho ganz vill virgesinn: ë. a. vum 18. bis den 21. Mee déi 54. International Friddenswanderung zu Aschendorf (D), d'Feiere fir den Nationalfeierdag an d'*Journée de Commémoration Nationale*, d'Mass am Fräien op Maria Himmelfaart (de 14. August), d'Aktioun „Aalt Gezei“ (den 22. an 23. September), d'Adventsiessen (de 17. Dezember), d'lerzenzopp (den 13. Januar), den Tréppeltour (den 23. Juli) an de Kolping-Gedenkdag.

Am Bericht vun der Keess huet d'Marie-Jeanne Berns-Ries d'Zuele presentéiert, d'Recetten an d'Depensen, an och de Stand vun



der Keess genannt. Et kann ee vun engem positive Resultat schwätzen, wat d'Joer 2022 ugeet, an dofir sinn och am Laf vun dësem Joer e puer Scheckiwwerreechunge virgesinn, fir esou och un déjéineg ze denken, déi op eis Hëllef ugewise sinn.

Am Numm vun de Keesserevisoren huet d'Marianne Hentges-Audry (de Camille Braun war am Ausland) dem Jeanny Berns-Ries eng mustergëltig Féierung vun der Keess bescheinegt an dofir och d'Decharge gefrot. Ab dem nächste Joer wäert d'Maria Cuscito-Milano de Camille Braun ersetzen, deen dëst Amt während deenen dräi läschte Joren ausgefouert huet.

De Jean-Marie Bormann huet um Ufank vum Joer seng Demission als Responsabele vun der *Région Nord* vun der Aktioun „Aalt Gezei“ (AAG) ginn, an dofir och säi leschte Rapport gemaach. De Containerleit, souwéi alle Memberen, déi bei der AAG gehollef hunn, huet hien e grousse Merci gesot. Et wier net einfach, fir déi véier Sitten Réiden, Wolz, Klierf an Ettelbréck ouni d'Hëllef vun all eenzelle Member ze geréieren. Déi ganz Organisationsaarbecht huet de Jean-Marie vun Dezember 2010 u gemaach, an elo misst hie méi op d'Gesondheet oppassen. Ersatz ass fonnt ginn: D'Nicole Schmitz-Freichel mécht de Planning vun de Containerleit, an de Fons Schmitz iwwerhëlt d'Organisation vun der AAG. Am Numm vun alle Membere krut de Jean-Marie Merci gesot fir seng wäertvoll Hëllef bei der Opstellung vun der AAG.

De President huet de Memberen och nach e puer markant Chiffere presentéiert. Eng kleng Statistik vun der Containerwuer, déi eis Feelener Memberen op hiren Tier aus de Containeren eraushuelen. Do gëtt och èmmer méi festgestallt, wéi vill Dreck an de Containeren entsuergt gëtt. Dreck, deen näischt mat Kleeder, Schong oder soss Textiliën ze dinn huet. Et falen téschent 10 a 25 Prozent Dreck un; et hänkt vun de Plazen of, déi vun eise Leit schonn am Virfeld entsuergt ginn. Am Zortéierwierk ginn och nach ronn 8,75 Prozent erausgeholl. Dofir e grousse Merci un eis Gemengen, déi eis et erméiglechen, den Dreck bei hinnen z'entsuergen, deen op deene verschidde Plazen ufält. D'Aktioun „Aalt Gezei“ (258,74 Tonnen) an d'Containerwuer (2453,26 Tonnen) hu landeswäit 2022 am ganzen 2712 Tonnen op d'Wo bruecht.

D'Annette Schroeder, am Numm vun de Frénn aus dem Zentrum, souwéi och d'Nationalpresidentin, d'Marie-Jeanne Brauch, hunn dem *Kolping Feelen Merci* gesot fir d'Invitatioun,

déi gutt Zesummenaarbecht an déi vill Stonne beim Eidelmaache vun de Containeren am Laf vum leschte Joer. D'Marie-Jeanne huet verschidde Punkte vun der *Kolping Asbl* ugeschnidden. Ë. a. d'Verdeelee vu 6 Schecken à 10.000 Euro, de Schoulprojet am Kongo, d'Hëllef fir d'Ukrain a fir eis Kolping-Frënn a Rumänien, souwéi déi grouss Problematik vum Dreck an a ronderém d'Kleedercontaineren. Uschléissend huet eisen Ersatztaumonier, de Prof. Pol Colling (de Romain Richer war verhennert), e puer Wieder un eis geriicht, mam Schwéierpunkt op dem Liewen a Wierke vum séilegen Adolph Kolping, dem Grënner vum internationale Kolping-Wierk.

No der fräier Aussprooch war et um Buergermeeschter, dem Fernand Mergen, fir dem *Kolping Feelen Merci* ze soen. Et sollt ee sech net discouragéiere loosse, fir leider den Dreck vun deenen anere Leit mussen ewechzemaachen. De Respekt vun der Gemeng gëllt deem ganze Veräin fir déi wäertvoll a benevole Aarbecht am Déngscht vun deene Benodeelgelegen esou wéi dem Jean-Marie senger Aarbecht an deene leschten 13 Joer fir d'Aktioun „Aalt Gezei“.

Domat war d'Generalversammlung vun dësem Joer ofgeschloss, ouni awer ze vergiessen, e gudde Pättchen op dat vergaangent Joer ze drénken an e klenge Maufel ze genéissen, gespont vun engem anonymme Member.

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

COLLECTE DE VIEUX VÊTEMENTS EN KILOGRAMMES

COLLECTE AKTION „AALT GEZEI“ & COLLECTE & ENVIRON 370 CONTENEURS

Année	Collecte septembre	Collecte conteneurs	Total	Année	Collecte septembre	Collecte conteneurs	Total
1974	538.901		538.901	1999	373.000	997.430	1.370.430
1975	424.540		424.540	2000	391.000	907.390	1.298.390
1976	0		0	2001	403.100	958.077	1.361.177
1977	417.380		417.380	2002	413.180	1.041.655	1.454.835
1978	369.258		369.258	2003	440.690	1.009.620	1.450.310
1979	324.790		324.790	2004	418.820	1.088.560	1.507.380
1980	354.245		354.245	2005	384.840	1.096.912	1.481.752
1981	323.599		323.599	2006	385.750	1.170.490	1.556.240
1982	288.430		288.430	2007	375.510	1.298.617	1.674.127
1983	328.830		328.830	2008	341.740	1.481.395	1.823.135
1984	321.930		321.930	2009	374.000	1.516.965	1.890.965
1985	357.160		357.160	2010	348.794	1.649.410	1.998.204
1986	371.010		371.010	2011	324.590	1.754.065	2.078.655
1987	415.310		415.310	2012	296.740	1.709.940	2.006.680
1988	469.500		469.500	2013	285.160	1.760.360	2.045.520
1989	554.290		554.290	2014	262.550	1.809.240	2.071.790
1990	643.740		643.740	2015	265.000	2.053.466	2.318.466
1991	376.310	401.350	777.660	2016	258.180	2.099.133	2.357.313
1992	321.780	516.220	838.000	2017	256.820	2.311.240	2.568.060
1993	328.100	610.250	938.350	2018	226.260	2.360.740	2.587.000
1994	362.550	657.530	1.020.080	2019	207.380	2.483.237	2.690.617
1995	373.960	712.670	1.086.630	2020	Covid	2.734.413	2.734.413
1996	359.940	787.910	1.147.850	2021	242.720	2.553.280	2.796.000
1997	355.950	913.320	1.269.270	2022	258.740	2.453.260	2.712.000
1998	362.000	973.830	1.335.830	TOTAL:	16.878.067	45.871.974	62.750.041

Collecte Aktioune « Aalt Gezei » (au mois de septembre) depuis 1974 : **16.878.067 tonnes**

Collecte conteneurs depuis 1991 : **45.871.974 tonnes**

Total Aktioune « Aalt Gezei » & conteneurs entre 1974 et 2022 : **62.750.041 tonnes**

SCHECKÜBERREICHUNG AN DIE AMICALE POMPJEEËN ETTELBRUCK



Anlässlich der Mitgliederversammlung vom CIS Feulen und der Generalversammlung der Amicale Pompjeeën Feelen fand vor kurzem eine Schecküberreichung in Höhe von 6.000 Euro an die Amicale Pompjeeën Ettelbrück statt.

Das Geld wurde schon vergangenes Jahr, kurz nach dem Kriegsausbruch in der Ukraine, an die Amicale Pompjeeën Ettelbrück überwiesen und wurde wie folgt verwendet: Es gab eine konkrete Bedarfsliste aus dem Militärkrankenhaus in Irpin nahe der Hauptstadt Kiew. Auf dieser Liste wurden unter anderem Endotrachealtuben, rezeptpflichtige Medikamente (Analgetika, Antibiotika, Lokalanästhetika, usw.), spezifische medizinische Instrumente (Wundhaken, Arterienklemmen, Nadelhalter, usw.), Ausrüstungsmaterial für taktische Medizin (Tourniquet, Thorax-Dekompressionsnadel, usw.) aufgelistet. Dank der fabelhaften Zusammenarbeit mit einigen Firmen aus Luxemburg, welche medizinisches Material vertreiben, beziehungsweise einer Apotheke aus Ettelbrück, konnten alle medizinischen Artikel besorgt und an die Sammelstelle in Ettelbrück geliefert werden. Am

Freitag, den 1. April, wurden die Paletten fertiggestellt und zur Firma Dachser nach Grevenmacher überführt. Von dort aus ging die Reise weiter zum Logistikzentrum in Rzeszow in Polen, welches anschließend die Ware ins Krankenhaus Irpin transportierte.

Die Summe setzt sich aus dem Erlös der *Aktioune Chrëschtbeemercher* aus den letzten 3 Jahren zusammen, in denen Spenden in Höhe von zirka 3.000 Euro gesammelt wurden. Im Normalfall findet jedes Jahr eine Schecküberreichung statt, aber aus den bekannten Gründen war es diesmal anders. Die Amicale Pompjeeën Feelen verdoppelt seit Jahren die Einnahmen der *Aktioune Chrëschtbeemercher*, die sich im Regelfall auf zirka 1.000 Euro belaufen, sodass auch dieses Jahr die Gesamtsumme von 3.000 Euro auf 6.000 Euro erhöht wurde.

Mit Hilfe unserer Spende und den Spenden von vielen Privatpersonen und Vereinen, kann so den leidgeprüften Einwohnern der Ukraine geholfen werden. Wir hoffen alle, dass dieser Krieg so schnell wie möglich beendet wird und wieder Frieden in diese Region einkehrt.

Die Amicale Pompjeeën Ettelbrück ist noch immer in der Ukrainehilfe tätig und freut sich über jede Spende. Kontakt: www.cisettasbl.lu oder auf Facebook zu finden unter: *Amicale Pompjeeën Ettelbréck a.s.b.l.*

| EIS VERÄINER - NOS ASSOCIATIONS |

MIR STELLEN EIS VIR: D'FEELENER SEKURISTEN & WANDERFRËNN ASBL

D'Sekuriste vu Feelen goufen 1972 gegrënnt. Et war en Zesummeschloss vun deene Leit, déi deemools Ambulanzendéngscht bei der *Protection Civile* zu Ettelbréck geleescht hunn. Am Joer 2006 goufen déi nei Statutte vum Veräin mam Numm *Feelener Sekuristen & Wanderfrënn asbl* festgehalen. Haut hëlliefe mir reegelméisseg d'Éischt-Hëllef-Coursen an d'Widderhuelungscourseen an der Gemeng z'organiséieren. Am Summer organiséiere mir, als Member vun der *Fédération Luxembourgeoise de la Marche Populaire* (FLMP), eng international Wanderung zu Feelen. Hei ginn Tier vu 5, 10 an 20 Kilometer offréiert. Tëschent 400 an 600 Wanderer huelen un dësem Marsch deel.

D'Membere vun der FLMP organiséieren iwwert d'Joer verdeelt ronn 50 Wanderungen am ganze Land. Eis Membere sinn op deene Märsch, déi meeschters de Weekend sinn, vertrueden. Mir ginn eemol am Joer zesumme Keele spiller an organiséieren all Joer en Dagesausfluch fir eis Memberen.



Dir sidd aleng, zu zwee oder zu méi? Dir sidd interesséiert, fir mat eis un de Wanderungen hei am Land an am Ausland deelzehuelen? Dir sidd gewëllt, fir eng grouss Aktivitéit am Joer zu Feelen mat ofzehalen?

Da mellt lech bei eis! Eis Kontaktpersoun ass d'Véronique André. Si ass z'erreechen énnert der Nummer 621 185 638 oder iwwert E-Mail op feelenersw@gmail.com.



DAMMEKEELECLUB FEELEN BEIM „TÉLÉVIE“ HELPERKNAPP AKTIV

| 22.04.2023 |



Wei schonn dat lescht Joer op dem „Télévie“ zu Mäerzeg, hu mir dëst Joer ganz vill Succès mat eisem Stand op dem „Télévie“ um Helperknapp gehat.

Mirunn hausgemaachte Bakmëschungen, Wäffelcher, Zockerkichelcher, Bamkuch, Wafelen an Häerzform mat Äerdvier a Schlagsan an eise ganz bekannten Dickelchersdrönk verkaaft.

Am Ganzen hu mir fir 718,50 Euro verkaaft. Dës Zomm hu mir integral fir den „Télévie“ gespent.



| FESTER AN EVENEMENTER - ÉVÉNEMENTS ET MANIFESTATIONS |

BUERGBRENNEN

BUERGBRENNEN, LA FÊTE DES BRANDONS

Den éische Weekend no der Fuesent ginn op ville Plazen am Land d'Buergen ugefaang. Dofir ginn dës zwee Deeg och „Buergsamschdeg“ a „Buergsonndeg“ genannt. Zu Feelen ass d'Buerg dëst Joer op Buergsamschdeg, dem 25. Februar, gebrannt ginn.

Eng Buerg ass meeschtens e Kräiz aus Holz, dat mat Stréi émwéckelt gëtt. Heiansdo gesät d'Buerg awer och aus wéi eng richteg Ritterbuerg.

D'Buerg gëtt meeschtens op enger Kopp opgeriicht, fir datt méiglechst vill Leit vun dohem aus kënnen nokucken, wa si ugefaang gëtt. Zu Feelen gëtt d'Buerg op enger Platz gebrannt, déi „Op der Tomm“ heescht. Dat ass um ieweschte Wupp vun der Rue Belle-Vue.



D'Buerg vu Feelen, e Kräiz aus Holz a Stréi
La « Buerg » de Feulen, une croix en bois entourée de paille



Fir datt d'Buerg richteg gutt brennt, gëtt e Koup aus Stréi, Holz, Kartong, dréchene Chrëscht-beemerecher, asw. ronderëm d'Buerg getässelt. Et ass vill Aarbecht, fir eng Buerg opzeriichten. Awer et mécht och Spaass! Zu Feelen ass et d'Amicale vun de Pompjeeën, déi d'Buerg opricht.

La fête des brandons (« *Buergbrennen* ») a lieu le samedi ou dimanche après carnaval. Lors de cet événement, des croix en bois (« *Buerg* ») sont brûlées à la tombée de la nuit. À Feulen, la fête des brandons a eu lieu le 25 février.

La « *Buerg* », c'est une croix qui est fabriquée à partir de troncs d'arbres. Ensuite, elle est entourée de paille pour mieux la faire brûler. Parfois cependant, la « *Buerg* » ressemble à un véritable château de chevaliers.

La croix en bois est généralement dressée sur une colline. Ainsi, beaucoup d'habitants peuvent assister à l'allumage du feu de chez eux. À Feulen, la « *Buerg* » est dressée au bout de la *rue Belle-Vue*, à un endroit appelé « *Op der Tomm* ».



D'Buerg vun Nidderaanwen, eng Ritterbuerg
La « Buerg » de Niederanven, un château de chevaliers
Foto: www.niederanven.lu



La « *Buerg* » est construite sur un tas de paille, de bois, de carton, de sapins de Noël secs, etc. À Feulen, c'est l'Amicale des pompiers qui organise la fête des brandons. La préparation demande beaucoup de travail, mais on s'y amuse bien.

ÄDDI WANTER, MOIE FRÉIJOER!

Firwat gëtt op Buergsamschdeg oder Buergsonndeg eng Buerg verbrannt? Dëse Brauch gëtt et scho ganz laang. D'Feier ass geduecht, fir de Wanter ze verdreiwen an d'Fréijoer ze begréissen. D'Buerg gëtt ëmmer owes ugefaang: Dann ass d'Feier besonnesch gutt ze gesinn. Déi hell a waarm Flamen erënneren un d'Lücht an d'Hëtz vun der Sonn. Vill Leit vu Feelen sinn och dëst Joer erëm op d'Tomm komm, fir dobäi ze sinn, wann d'Buerg gebrannt gëtt. Virdru gouf et beim Pompjeesbau op der Heischterstrooss lerzebulli fir waarm ze ginn.



DE STRÉIMÄNNCHE VU RÉIMECH

Et gëtt eng Platz am Land, wou kee Kräiz aus Holz, mee eng Popp aus Stréi verbrannt gëtt. Dat ass zu Réimech, enger klenger Stad op der Musel. D'Popp huet al Kleeder un. Si gëtt fir d'éischt duerch d'Stroosse gedroen. Dono gëtt si op der Muselsbréck ugefaang.



De Stréimännche vu Réimech.
La poupée de paille de Remich.
Foto: Jean Rock - www.photofrenn-remich.lu

AU REVOIR L'HIVER, BONJOUR LE PRINTEMPS!

La fête des brandons existe depuis très longtemps. Le feu sert à chasser l'hiver et à accueillir le printemps. La « Buerg » est allumée le soir, quand il fait déjà nuit. Le feu est alors visible de loin. Les flammes claires et chaleureuses rappellent la lumière et la chaleur du soleil.

Cette année encore, beaucoup d'habitants ont assisté à la fête. Une soupe aux pois était servie chez les pompiers à Niederfeulen.



LA POUPÉE DE PAILLE DE REMICH

Il existe un endroit au Luxembourg, où l'on ne brûle pas de croix en bois, mais une poupée en paille. C'est à Remich, une petite ville au bord de la Moselle. La poupée porte de vieux vêtements. Elle est portée à travers les rues de la ville avant d'être brûlée sur le pont de la Moselle.

GROUSS GEBUERTSDAGSFEIER AM HENNESBAU: KADDOEN AN ORCHIDEEËN OP DER „JOURNÉE DU GRAND ÂGE”

| 23.10.2022 |



Fir d'Senioren aus der Gemeng Feelen ass d' „Journée du Grand Âge“ e flotten Dag, deen all Joer op en Neits a gudden Erënnerung bleift. De Schäffen- a Gemengerot aus der Gemeng Feelen, zesumme mat dem lokale Senioreveräin *Déi Jonk vu gëschter Feelen*, huet hir Matbierger a Matbiergerinnen am Pensiounsalter an de Kulturcenter Hennesbau invitierert, fir zesummen a gemittlecher Atmosphär a bei engem Festmenuë e puer flott Stonnen ze verbrénggen. Esou waren och ronn 110 Leit dé- ser Invitatioun nokomm. No de Wëllkommensgréiss an dem Merci vum Buergermeeschter Fernand Mergen, deene sech d'Presidentin vum Senioreveräin, Viviane Reinartz-Krack, gär ugeschloss huet, konnte follgend Jubilaren e klenge Kaddo an Empfank huelen.

- **Fir 70 Joer:** de Jean-Pierre Schaltz, d'Beby Raach, de Jules Lentz, d'Christianne Zahles-Mergen, d'Marie-Louise Braun-Dax, de Louis Klein, d'Sylvie Winckel-Trauffler an d'Juliette Brachmann-Lamberty

- **Fir 75 Joer:** d'Anny Binsfeld-Gilson, d'Marie-Louise Kips-Melsen, d'Lydie Schanck-Nickels, de Fernand Marx an de Roger May

- **Fir 80 Joer:** de Jean-Pierre Winandy, den Erny Schroeder an d'Lotty Funck-Schumacher

- **Fir 85 Joer:** de Jean Funck

Fir hir gëllen Hochzäit koumen dës Koppele mat schéinen Orchidéeeën zu Éieren: de Jean-Pierre Schaltz an d'Wilma Peters; de Camille Braun an d'Marie-Louise Dax; den Antonio Cuscito an Maria Milano; de Jean-Marie Schmit an d'Sylvie Boetz.

| DËST AN DAT - DE CI ET DE ÇA |

„RELAIS POUR LA VIE“ 2023 – FEULEN WAR DABEI !

| 25. & 26.03.2023 |

In diesem Jahr fand nach der Coronapause wieder der „Relais pour la Vie“ in der Coque statt. Die Gemeinde Feulen nimmt bereits seit vielen Jahren unter dem Teamnamen *I love Feelen* an dieser Veranstaltung teil. Auch in diesem Jahr waren nicht weniger als 30 Teilnehmer und Teilnehmerinnen aus der Gemeinde aktiv dabei und legten so während 24 Stunden viele Kilometer laufend oder gehend zurück. Der „Relais pour la Vie“ ist ein Solidaritätslauf für Krebspatienten und so waren dieses Jahr über 13.000 Teilnehmer am Start, sei es in der Coque selbst oder in ihrer Gemeinde.

Neben den 15 Euro Startgeld pro Teilnehmer/Teilnehmerin konnte auch noch die Summe von 305 Euro für die *Trophée de l'Espoir* gespendet werden.

Danke nochmal an alle, die sich im Sinne der Krebsforschung engagiert haben.



| DËST AN DAT - DE CI ET DE ÇA |

GROUSS BOTZ, EDITIOUN 2023

| 25.03.2023 |



Op Initiativ vum Fairtrade Kommittee, zesumme mat der Ëmweltkommissiou an dem Schäffen- a Gemengerot, huet de 25. Mäerz d'Grouss Botz zu Feelen stattfonnt. Dëst Joer hu ronn 90 Leit gehollef, fir an der Gemeng den Dreck, deen èmmer nach ze vill dacks muttwölleg an d' Natur gehäit gëtt, opzerafen.

Als Merci gouf et beim Gemengenatelier fir jiddwerek e gudde Patt, eng gegrillte Kotlett, e Grillinger oder eng Mettwurscht an als Ofschloss e Stéck Taart.



D'JOERGÄNG VUN 1940 BIS 1958 HU SECH ERËMGESINN

| 30.04.2023 |



Zanter 1978 treffe sech déi fréier Schoulkomerodinnen a Schoulkomeren, déi zu Uewerfeelen an d'Primärschoul gaange sin. Gouf et déi schéin Treffen déi lescht Joren nach all fénnef Joer, esou ass d'Decisioun geholl ginn, fir den Zäitraum op dräi Joer mat de Joergäng vun 1940 bis 1958 ze verkierzen. Dëst Joer waren der Invitatioun vum Christianne Mergen, dem Sylvie Trauffler an dem Charel Reiser net manner wéi 26 Schoulkomerodinnen a Schoulkomeroden nokomm. Als aller-éischt stoung eng interessant Visitt vun der Feelener Agrotechnic op dem Programm, bei där de Claude Wagner säi moderne Betrib am Detail erkläert huet. Dono war et fir de Buergermeeschter Fernand Mergen eng besonnesch Éier, fir zesumme mat sengem Schäffchen- a Gemengerot déi positiv Entwécklung vun der Gemeng Feelen mat hiren Zukunftsprojeten z'erklären an der symphatescher Gesellschaft och en Éierewäin unzebidden. Beim gemeinsame Mëttegiessen am *Restaurant-Brasserie*

am Hennesbau huet jiddweree sech de Menü gutt schmaache gelooss. Wärend e puer gesellege Stonnen a flotter Gesellschaft si vill schéin Erënnerungen aus der onvergiesslecher Jugend- a Schoulzäit nees opgefrësch ginn. Dobäi sinn och déi vill Fotoen an Albume vun all deene Konveniatsjore säit 1978 bis haut mat ganz vill Intressi gekuckt ginn. An enger Minutt vun der Stéll ass och un déi 20 verstuerwe Komerodinnen a Komeroden an déi fréier Schoulmeeschtere Marcel Konsbrück a Robert Bourkel erënnert ginn. Beim Abschid ware sech all eens, am Joer 2026 nees dobäi ze sinn.

Textvirlag a Foto: Charles Reiser

| DËST AN DAT - DE CI ET DE ÇA |



WESPENBERATER- NETZWERK


Im Laufe des Jahres 2022 gingen bei der Naturschutzberatung über 2400 Anfragen ein. Damit war der Beratungsbedarf, im Vergleich zum Vorjahr mit 1400 Anfragen, weitaus höher.

Auf Grund des Klimawandels ist zu erwarten, dass sich solche wespenreichen Sommer häufen werden. Die hohe Zahl an Beratungsanfragen zeigt, dass die Beratung ein wichtiges Standbein des praktischen Naturschutzes und der Sensibilisierung im Umweltbereich ist.

Diese Zahlen unterstreichen auch, dass der Ausbau des Beraternetzwerks unbedingt nötig ist um künftig besser und flexibler auf wespenreiche Sommer reagieren zu können.

Wussten Sie,
dass die Wespé ein natürlicher Fressfeind
der Raupen des Eichenprozessionsspinnens,
der Stechmücken und der Blattläuse ist?
Außerdem ist sie ein Bestäuber-Insekt und
hält unser Ökosystem im Gleichgewicht.

Verteilung der Beratungen nach
Themenbereichen 2022



Wespenberater-Netzwerk

Da der CGDIS seit 2019 nicht mehr zum Abtöten von Wespennestern ausrückt, häufen sich die Anfragen bei der Beratungsstelle von natur&ëmwelt.

Daraufhin wurde das Wespenberater- netzwerk ins Leben gerufen um die Beratungsstelle bei Wespenfragen zu unterstützen. Hierdurch soll das Ver- ständnis der Bürger für die Wespen erhöht und unnötiges Abtöten von nicht- problematischen Nestern verhindert werden. In vielen Fällen ist das negative Image der Wespen nämlich nicht gerechtfertigt.

Lediglich 2 der 15 in Luxemburg vor- kommenden sozialen Wespenarten stellen überhaupt ein Konfliktpotenzial für den Menschen dar. Allgemein sind Wespen sehr nützliche Tiere, sie be- stäuben Blüten, jagen Insekten, was sie zu natürlichen Schädlingsbekämp- ffern macht, und agieren als „Gesund- heitspolizei“ der Natur. Außerdem wer- den zum Abtöten von Wespennestern meist Pyrethroide benutzt. Dies sind breit wirkende und langlebige Pestizide, deren Rückstände auch in einer Studie des LIH und der Uni.lu (2022) in den Haaren, in Luxemburg wohn- hafter Kinder, nachgewiesen werden konnten. Ihr Gebrauch sollte möglichst vermieden werden.

Anfragen der Bevölkerung zu Wespen gehen über die Wespenhotline oder direkt über die Naturschutzberatung ein. Dann werden sie nach Regionen an einen Wespenberater weitergeleitet.

Das Beraternetzwerk stellt sich aus Freiwilligen, sowie aus Mitarbeitern von Gemeindeverwaltungen, -syndi- katen, Naturparks, des CGDIS und der biologischen Stationen zusammen.

**Seit 2017 bietet natur&ëmwelt
Fortbildungskurse zum Thema
Wespenberatung an.**

Diese dienen der Sensibilisierung und dem Anwerben neuer Berater für das Netzwerk. In diesen Kursen werden den Teilnehmern zuerst Biologie und Verhal- ten der sozialen Faltenwespen näherge- bracht und anschließend wird ausführ- lich auf die Betreuungspraxis, Beratung und Lösungsfindung im Umgang mit Wespennestern eingegangen.



WESPENHOTLINE

Tel : 29 04 04 – 344
Email : berodung@naturemwelt.lu

KONTAKT

natur&ëmwelt a.s.b.l.
5, rte de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel : 29 04 04 – 1
www.naturemwelt.lu



Photos: Pexels / Sören Salvatore - Design: mcpgraphicdesign.com

ËNNERSTËTZT EIS SENSIBILISÉIERUNGS-

A BERODUNGSAARBECHT

natur&ëmwelt a.s.b.l. · CCPL LU50 1111 0511 3112 0000

Spenden un natur&ëmwelt a.s.b.l. sinn ab engem Montant von 120 EUR steierlech ofsetzbar.



Spenden via
payconic:



| DËST AN DAT - DE CI ET DE ÇA |

EN DAG AN DER NATUR



Vom 1. April bis zum 31. August 2023 organisiert *natur&ëmwelt* mit seinen Partnern zum 26. Mal die Kampagne *En Dag an der Natur*. Ziel der Kampagne ist es, den Menschen die Möglichkeit zu geben, der heimischen Landschaft, Tier- und Pflanzenwelt auf spannende und lebendige Art näher zu kommen und sie als etwas Wertvolles und Schützenswertes zu erfahren.

Die Ausgabe 2023 des *En Dag an der Natur* besteht aus rund 300 Aktivitäten, welche von mehr als 100 Organisatoren zusammengetragen wurden.

Das gesamte Programm ist online abrufbar unter:
www.naturemwelt.lu/de/en-dag-an-der-natur-2023/
oder über diesen QR Code zugänglich.

Entre le 1^{er} avril et le 31 août 2023, *natur&ëmwelt* organise, en collaboration avec ses partenaires, la 26^e édition de la campagne *En Dag an der Natur*. L'objectif de la campagne est de réveiller l'intérêt d'un grand nombre de personnes pour la nature et de leur offrir la possibilité de connaître la beauté des paysages, de la faune et de la flore qui nous entourent.

L'édition 2023 se compose de 300 activités organisées par plus de 100 acteurs du terrain.

Le programme complet est disponible en ligne :
www.naturemwelt.lu/en-dag-an-der-natur-2023/
ou en scannant le Code QR ci-joint.





I Feelen

| IMPRESSUM |

Redaktionskommissioun
 Bindels-Braun Tanja
 Huberty Pascal
 Kohn Tessy
 Mergen Fernand
 Paracchini Aurélie
 Schank Flore

Email: secretariat@feulen.lu

Éditeur: Gemeng Feelen

Layout: Art & Wise s.à r.l.

Drock: Imprimerie Centrale sa

Merci de Bierger a Biergerinnen, de Veräiner an den Associatiounen, déi eis Fotoen an Texter zur Verfügung gestallt hunn. Opgond vun den aktuellen Ëmstänn ass et haut nach net méiglech, e Redaktiousschluss fir d'Nummer 26 vum *Louschlëssel* festzeleeën. No de Gemengewale wäert eng nei Redaktionskommissioun op d'Been gestallt ginn, déi an der zweeter Hallschent vum Joer un enger neier Ausgab vum *Louschlëssel* wäert schaffen.

